



66, rue Baudouin
L-1218 Luxembourg

fgfc@fgfc.lu
www.fgfc.lu

Pressemitdeelung

De Präis vun der Ignoranz

Als Verrieder vun den Agents Municipaux zu Lëtzebuerg, huet den ASAM dëst Joer gespaant 3 parlamentaresch Froe verfollegt, déi em den Avertissement Taxé dréien. QP N°398 vum 21.02.2019, QP N°614 vum 08.04.2019 an QP N°1266 vum 30.09.2019

Et ass un der Zäit Kloertext ze schwätzen.

14 Milliounen € duerch d'Päif, all 5. Avertissement Taxé gëtt net bezuelt!

Dat weist op eng enorm Inefficaciteit an eisem System hin oder wéi erkläert ee sech soss, dass de Staat dat Geld an de leschte 7 Joer net konnt andreiwen?

2018 alleng woren et:

1.835.515 € oder **16,7 € pro Auto** beim Non Résident
2.641.351€ oder **6,3 € pro Auto** beim Résident

Den ASAM hat scho virun 2 Joer dem deemolegen Inneminister Dan KERSCH proposéiert d'**Amende forfaitaire op sämtlech Avertissements Taxés ze applizéieren**. Dës Verdueblung vun der Geldstrof, wann een net banne 45 Deeg bezilt, gëtt et entretemps schonn am Zesammenhang mat de Vitesse-Radare.

Den ASAM ass der Meenung dass d'Bezuelmoral och géif eropgoen, wann den Agent Municipal d'Méiglechkeet hätt, bei exzessivem Abus vum System - genau wéi d'Kollegen vun der Police oder der Douane a verschiddene Fäll -

den Auto immobiliséieren oder wann néideg och ofschleefe loossen ze kënnen.

Natierlech wier dat och an anere vum Gesetz virgesinnene Situatioune sënnvoll, wéi z.B. zou geparkte Behënnerte-Plazen oder Afaarten.

Zu dësen an aneren Themen sicht d'ASAM schonn zanter engem Joer d'**Gespréich mat der Inneministesche Taina BOFFERDING** a mir hoffen am Dezember ee konstruktiven Dialog ze lancéieren.

Matgedeelt um 15. November 2019

Comité FGFC-ASAM

Kontakt : +352 621 215 399 • Email: asam@fgfc.lu